

Chaos-Computer-Club-Kongress

## Iwwer 12.000 Hacker an Internet-Aktivisten zu Hamburg

Och de Lëtzebuerger Chaos Computer Club war vertrueden. Haaptsujet waren "gated communities" an och d'Anonymiséierungs-Software TOR.



© AFP (Archiv)

E Mëttwoch war de leschten Dag vum C3-Kongress vum Chaos Computer Club zu Hamburg. Dat ass dat gréissten Treffere vun där Zort an Europa, mat ronn 12.000 Hacker an Internet-Aktivisten, déi iwwer 4 Deeg honnerte Virtrëg, Workshopen an Diskussiounen konnt besichen.

Nieft der Fräiheet am Netz, Vorratsdatenspäicherung, Biergerrechter an Netz-Neutralitéit war d'Haapthema dëst Joer déi sougenannten "gated communities". Do geet et am Prinzip drëm, fir d'Grenzen tëschent Communautéiten um Internet opzebriechen a se ze verbannen, fir dass ee vun deem anere profitéiere kann. E Beispill dofir ass d'Anonymiséierungs-Software TOR, erkläert den Jan Guth vum Lëtzebuerger Chaos Computer Club.

Thor, woumat all Mënsch anonym am Netz surfe kann, war ee vun de wichtegste Projeten, déi um C3 diskutéiert goufen. Well alles iwwerwaacht ass, ass en anonymt Surfen ëmmer méi wichteg. Grad elo, wou och Frigo a Kaffemaschine kënnen un den Internet ugeschloss ginn, déi dann och Date weiderginn. Mat Tor kann een awer op d'mannst en Deel vu senger Privatsphäre zeréckgewannen. Iwwer [torproject.org](http://torproject.org) oder [enn.lu](http://enn.lu) kann een dee wichtige Projet ënnerstëtzen.

Donieft lueft de Jan Guth och déi eenzegaarteg Stëmmung um Kongress. Et wär all Joer nees eng Plaz, wou all Mënsch ganz oppe mateneen ëmgeet a wou jiddereen dat ka sinn, wat e wëllt. Et géing nämlech drëm goen, eppes ze léieren oder aneren eppes bäizebréngen. Dofir wäeren och ëmmer méi Net-Hacker um C3 mat derbäi, vu Physiker bis Artisten. D'Haaptsaach wär, d'Hacker Ethik ze respektéieren: "be nice to each other", also "sidd léif mateneen".